Rapport Commission Jeunes 22.04.2025

Présents: Lex Schroeder, Guy Kruchten, Romain Engels, Claude Magar, Serge Raach, Dan Wiseler, Marco Schmit, Marco Schmitz, Suzie Godart
Assiste: Richard Spautz
Invité: Brian Nugent

1) Approbation Rapport 17.03.2025

De Rapport gët unanime ugehuel a kann online gesat gin.

2) Debrief AGO

De Guy Kruchten regrettéiert, dat mir als Kommissioun a Richtung Veräiner gedréit sutzen, a vun deene verschiddenen Präsentatiounen nët vill gesin hun, ouni den Dréihälschen ze kréien.
Et gouf vergiess den Dan Wiseler an eiser Kommissioun ordnungsgeméiss ze kooptéieren, och eise Rapport war e bëssen iwwer de Knéi gebrach, fir d'nächst Joer musse mir daat alles méi laang am Viraus plangen (Ufängerfeeler, mir si jo réischt e Joer offiziell…)
Am Budget as eise Sponsor fir de Kichechef Trophy nët ernimmt gin.

3) Rapport Course CT Atertdall

Vu dat suwuel de Lex Schroeder als Delegéierten, wéi och eng Jury do war, gouf ët am Ufank e puer Diskussiounen, wat d'Kompetenzen ugeet, déi awer am Gudde geregelt goufen.
Waat d'Starterlabnis fir Non-Licenciés ugeet (Autorisation ministérielle etc…), soll ët eng kloer Direktive vun Uewen (FSCL) gin, an ët soll och direkt bei der Online-Aschreiwung derbäi stoen.
De Rapport de Course gët eestëmmeg gudd geheescht an dem Brian Nugent matgin fir d'Federatioun.

4) Neit Dokument "Rapport de courses jeunes"

Daat Dokument waat de Claude Magar op GRond vun deem ale Rapport ugepasst huet, gët eestëmmeg gud geheesch.

5) Kommunikatioun CA an FSCL mat der Kommissioun

Fir dat d'Kommissioun an Zukunft iwwert Aktivitéite fir déi Jonk (Technikparcours mam Jempy a Frank asw.) op direktem Wee an nët iwwert de respektive Club informéiert gin, sollen an Zukunft all déi Mailen un d'Sekretärin vun der Kommissioun goen, fir weiderzeleeden.
Wa Froen un den CA erugedroe gin, déi d'Jugend betreffen, sollen och do de Präsident, respektiv d'Sekretärin an d'Bild gesat gin, fir och eventuell am CA kënne präsent ze sin, wou esou Saache beschwaat gin.

6) Course Schëffléng (Pilotprojet minimes/cadets)

Vu dat ët fir d’éischt as, wou dës Form vu Course (Minimes/cadets op enger existenter Streck vun enger Course Jeunes) getest gët, soll och eng Persoun vun der Jury präsent sin, fir herno an hirer Kommissioun e Rapport ze maachen.
Den Armand Berchem wärt déi Roll iwwerhuelen, d’Suzie Godart as Delegéierten vun de Jeunes.

7) Entrevue Guy Kruchten/Florian Salzinger (Ausschreiwungen/Klassementer)

De Guy mecht e kurze Rapport vu senger Entrevue mam Florian. Hie këmmert sech ëm d’Verschécke vun de Startlëschten (Hei soll eng Méiglechkeet fonnt gin, fir d’Aschreiwunge vun den Non-Licenciés online ze maachen an direkt de Formulaire vun der Autorisation parentale mat auszefëllen. D’Androe vun den Non-Licenciés kascht op de Coursen d’Sekretariat déi meeschten Zäit an Nerven.
De Guy schéckt d’Generalklassement an d’Startlëschten virun all Corse un d’Veräiner an den Delegéierten, en retour schéckt de Veräin d’Klassementer vum Dag un d’FSCL a setzt de guy direkt mat a Kopie.

8) Mise à Jour Lëscht Delegéierten fir eis Coursen

De Guy schléit vir, fir all Course direkt en Ersatz-Delegéierten op ze schreiwen. D’Suzie adaptéieret d’Lëscht a schéckt se dann un d’Membere vun der Kommissioun an d’Federation weider.

9) Entrevue Suzie Godart/Frank Schleck COSL-Spillfest an Olympiadag

D’Suzie mecht der Kommissioun e kuerze Rapport, waat beschwat gouf. D’Kommissioun as bereet mat deene Leit, wou disponibel sin, déi Deeg ze hëllefen.
D’suzie, de Lex an de Marco Schmit sin déi zwee Deeg derbäi. Fir den Olympiadag kënnten de Marco Schmitz an de SErge Raach hëllefen, wann d’Federatioun hinne mat Zàit Congé Sportif ufreet. De Romain Engels ass och bei deenen zwee Evenementer mat derbäi, fir eng Hand mat unzepaaken, souwäit säi Gesondheetszoustand et dat him erlaabt.

10) Zesummenarbecht mat dem Centre de Formation

De Marco Schmitz huet de Virschlag gemat,mat dem Centre de Formation zesummen och d’Technikofzeeche fir Minimes a Cadets unzebidden, duefir war och de Brian Nugent an dës Versammlung agelueden.
De Brian gesäit dës Iddi ganz positiv an invitéiert e Vertrieder vun eisem Comité an déi nächsten Entrevue tëscht den Traineren an der FSCL den 20.5. De Claude Magar wäert eis Kommissioun do vertrieden.

11) Adaptatioun vum Règlement Jeunes fir d’Minimes a Cadets

De Claude schéckt den Draft un d’Membere vun der Kommissioun fir Avis a wann dee gudd geheesch gët, schéckt d’Suzie e weider un d’Juryskommissioun fir Avis.
Je nom Feedback vun der Jury gin dann d’Veräiner geruff fir déi definitiv Versioun mat ofzeseenen.

12) Divers

Waat d'Bekleedung (Jacquetten a Polo'en fir op d'Coursen) ugeet, as nach ëmmer näischt Konkretes geschitt…
Autorisatiounen fir Auslandstart: de Brian Nugent soll eis do Kloerheet schaafen, wéivill esou Autorisatioune gefrot goufen an de Claude Magar kann dëst Thema och nach emol an der Versammlung mat den Traineren uschwätzen.
De Lex Schroeder wäert vum 21.6 bis den 30.8 gesondheetsbedéngt ausfalen, de Claude Magar wäert an däer Zäit d'Präsidentschaft vun der Kommissioun iwwerhuelen.

Nächst Versammlungen: Méindes den 12.5.2025 um 19:15 um Stade Boy Konen
Méindes de 16.6.2025 um 19:15 um Stade Boy Konen